An drei Sendungen hate mir iwwert de Spueneschen Biergerkrich vun 1936 bis 1939 erzielt. Mir haten d'Ursaachen vum Ausbroch vun desem Conflikt erklärt a gesot dass déi lénks gericht Regierung vun Russland an den internazionale Brigaden ennerstözt gouw an dem Franko mat der Armee den Hitler an de Musolini zu Hëllef koum sin. An den internationale Brigaden ware fräiwelleg Zaldoten aus bal alle Länner an dorënner och 102 Letzebuerger. Besonnesch hun ons awer déi Diddelenger Freiwelleg an desem Krich interesséiert.

Den 23 September 1938 huet d'Republikanesch Regierong d'international Brigaden opgefuerdert Spuenien ze verlossen an domadde eng Befriedung am Land nës hierzestellen. D'Regierungstruppen konnten esouwéiso dem Franko senger Armee net méi stand halen well dës mat deenen meisten Waffen aus Nazidäitschland ausgerüst gi waren. Bekanntlech huet den Hitler zanter 1935 systematesch op en néi Krich geschafft, séng Rüstungsindustrie op Volltoure gelaaf an a Spuenien e gefonde Krichsfeld awer fir ëben dës néi Waffen auszeprobéieren.

Wat ass um Enn oder nom Enn vun desem Biergerkrich mat den ausländeschen Freiwelleger geschitt, speziell mat de Letzebuerger a besonnesch mat déenen Diddelenger geschitt? Dat as de Sujet vun desem léschte Beitrag zum Spueneschen Biergerkrich.

Mir hate jo schon an der Emissioun vun der léschter Woch erkläert, dass génge d'Enn vun desen Auseranersetzungen, Freiwelleger versicht hun an hir Heemechtsländer zeréck ze kommen. Als Ursaachen hu si ugin dass sie verletzt oder krank wären, oder nemmen op e Congé heem wellte fueren an dann erem kommen oder hun einfach ohni Demande Spuenie verloss.

Den Henri Wehenkel beschreift a séngem Buch "d'Spuenienkämpfer" d'Situation wéi follegt.

Les motifs des départs prématurés étaient différents, lassitude, désaccords, maladie, événements de famille et autres, sans que nous puissions faire le tri entre ce qui est un motif valable et ce qui ne l'est pas.

Wéi war nun d'Situatioun zu Lëtzebuerg? Op Grond vun der Politique de "non-intervention" déi vu Frankräich an England propagéiert gouf hat d'lëtzebuerger Regierung d'Gesetz vum 10ten Abrël 1937 vun der Chamber votéiere gelooss, d'Gesetz "interdisant de s'engager dans les forces armées en Espagne". D'Volontären déi also virun desem Datum vum 10ten Abril 1937 a Spuenien gaange sinn haten néierlech ze fäerten a konnten nées heem kommen. Déi awer ~~déi~~ deenen hiren Départ no desem Datum louchen ware gesetz=widdreg an hu misse bei hirem Retour mat Strofen rechnen. Da waren och nach déi, déi virun hirem Départ an Spuenien zu Lëtzebuerg ausgewiese gi waren. Fir sie huet des "Expulsioun" och nach bei hirem Retour bestanen.

Allerdings hat d'politesch Situatioun zu Lëtzebuerg nam Referendum vum ~~[illegible]~~ 6 Juni 1937 geännert. Den Bech seng Regierung huet missen ofdanken, hien war nët méi Regierungspresident mä blouf awer Minister vun den Affaires Etrangères. Vu Sozialisteschen Säit koum an d'Regierung de Pierre Krier als Aarbechtsminister an de René Blum gouf Justiz-Minister.

Looste mer ~~do~~ elo emol de Fall vum Diddelinger Libertario Tassi ënnersichen. Hien ~~war~~ hat mat deenen 6 éischten ~~6~~ Diddelenger den 4. November 1936 de Wé no Spuenien ugetrueden. Den 21ten November d'selwecht Joer war hien ~~[illegible]~~ zu Lëtzebuerg ausgewiese gin. Am Juni 1937 krut hien a senger Brigade Congé fir keumen 8 Deeg a Frankräich ze goen. Den 21 Juni 37 mécht hien eng demande un de lëtzebuerger Justiz Minister fir nées kennen op Lëtzebuerg ze kommen. Des Demande gett ofgeleent. Dofir bleift hien zu Wuermeréng wunnen wo seng Fra mat sengen 2 Kanner hien besiche geet. Seng Fra, eng gebuerene Settima Albertini hat och Schwierigkeete mat der Police wéi den Tassi fortgaangen ass, well, no der Police, sie jo elo kee Revenue méi hatt an dofir hir lëtzebuergesch Carte d'identité ze entzéie wär. Wat blouf dem Tassi aneschtt iwwreg, wéi nët méi zeréck a Spuenien ze goen a seng Fra mat den 2 Kanner beisech ze huelen.

Op Grond vum virgenannten Gesetz vum 10ten Abrël 1937 condamnéiert Geriicht den 25 Juni 37 6 Diddelenger et sinn dat de Cao, de Capitani, den Ceserini, de Manderscheid, de Schmit an den Tomassini zu 14 Deeg Prisong an enger Geldstroof vun 20 Frang. Wann déi do also erem kommen, musse sie mat deene Stroofe rechnen.

~~D'Saach~~ De 25ten Oktober 1938 gett de Cafforni vun Diddeléng zu 8 Deeg Prisong condamnéiert.
De Vittorio Cao kennt den 14ten August 1938 heem op Diddeléng. Vun Tëtteleng aus féieren d'Gendarmen en mat Handschellen an de Prison. No e puer Deeg kennt hien op Grond vun éngem Recours en Appel frei. D'Gericht an 2ter Instanz reduzéiert seng Strof op 8 Deeg an 50.- Fr Geldstrof mat Sursis.
Vum Henri Wehenkel séngem Buch wäre 18 Persounen eso viun d'Gericht kom.
Mam Enn vum Spueneschen Biergerkrich an d'Heemkommen vun de Freiwellegen entsteet och zu Lëtzebuerg eng gewësse Nervositéit. ~~Géint d'~~ Lëtzebuerger, also déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit hun, kann d'Heemkommen net verwiert gin. Mënscht fir d'Auslänner déi vu Lëtzebuerg aus fortgaange sin. Zum Beispill d'Italiéner. Géint des ~~...~~ Erem-Awanderung versicht d'Regierung sech ze wieren. Dofir gett schon an der Zäit den Tri gemaat.
Je no der Zäit an den Uertschaften ass dann och ~~den~~ Empfang vun dese Freiwellegen ganz verschidden. Dat variéiert tëschend dem ~~...~~ häerzlechen, triumphalen bis erof op den [illegible]. Dofir ~~...~~ als Illustratioun e Beispill aus dem Henri Wehenkel séngem Buch, zu Diddeléng:

On avait oublié les volontaires d'origine italienne. Bloqués par l'obstruction française ils durent attendre, enfermés dans des camps dans le Sud-Ouest de la France jusqu'en février pour rentrer. Je n'ai pas trouvé une ligne dans la presse sur leur retour, un jour de fête, dont on se souvient encore aujourd'hui à Dudelange. «*Ils sont arrivés à la Gare-Usines, dont ils étaient partis deux ans plus tôt,* nous dit Ida Tredemy-Cesarini. *Le train était orné de lierre. Chacun cueillait des fleurs pour leur offrir des bouquets. Rien n'était organisé, il n'y avait pas d'officiels. Ils étaient dix ou douze, portant le béret rouge et le fichu rouge des Garibaldiens. La Fratellanza les accueillit et ils furent conduits à travers le Quartier. Pendant trois jours ils eurent à manger gratuitement. On avait préparé tous les plats italiens. Même le coiffeur rasait gratis. Et on joua tout le temps de la musique.*»(173)

An domadde erënnert mir och bei musikalesch

Wé gesot, den Empfang vun de Spuenekämpfer zu Lëtzebuerg war ganz verschidden.
Als Illustratioun d'Aussoo vun éngem vun hinnen:

«*Nous avions perdus, nous étions des vaincus et il n'est jamais bon d'appartenir au camp des vaincus,*» dit Santer pour expliquer l'atmosphère qui régnait à son retour. L'opinion majoritaire était hostile aux volontaires, ne savait que faire de leur héroïsme, de leur combativité, de leurs sacrifices.

~~Den Sept~~ Den 1te September 1939 mam däitschen Iwwerfall vu Polen brécht den 1te Weltkr. aus. Den 10 Méi 1940 gëtt Lëtzebuerg iwwerfall. Am August gëtt d'Militärverwaltung duerch d'Zivilverwaltung ersat. De Gauleiter Gustav Simon mat sénge Spëtzelen iwwerhëllt d'Soen an onsem Land. D'Ongewëssheet iwwert de Freiwellegen am Spuenien Krich hir Zukunft gëtt domatdee ereu mé wé sécher, kritesch. Dei mei Hären bei eis aus Nazi-Deitschland an aus dem faschisteschen Italien wëssen dass sech vu Lëtzebuerg aus Volontären a Spuenie gungen fir géingt hire Frend Franko ze kämpfen. Wé a wo d'Gestapo un d'Lëschten mat den Nimm vun dese Leit kum, wësse mir net an ass och net e Sujet an desem Reportage. Wat mir awer wëssen, ass dass den Diddeléngen Cao schon de 7ten August 1940 bei d'Gestapo geruff gouw. Am selwechten Mount gi vun der Gestapo verhafft: Baglioni, Nubola, Brazzorotto, Bacciotti, Briscolini an Toschi.
Eng Bemierkung zu den nofolgenden Explikatiounen: An deser Sendung kenne mir net all Schicksale vun den 102 Freiwellegen, wo den 10 Méi 1940 bliwwen, dat géingt ze wäit féieren. Wien sech awer dofir interesséiert kann et am Henri Wehenkel séngem Buch noliesen. Mir beschränken eis hei tatsächlech an nach net an allen Detailler op dat wat mir iwwer déi Diddeléngen wëssen.
Den Tessi gouw am Mäerz 1941 verhafft. Hien war ~~~~ mat sénger Famill vun Diddeléng an Stad geplönnert an hiet zu Tréier gezlafft. Hien war vun engem Italieneschen Faschist un d'Trierisch Polizei verroden gin. Zesummen mam Tommasini, dem Capitani, dem Borsaro an dem Farenzena si se an Handschelle den Italiener um Brenner ausgeliewert gin.
De Flengels Michel gouw de 6 November 1940 verhafft. De Joachim Henri, an de Manderscheid, zesummen mat nach 4 aner den 11. November. Am ganzen an dém Mount mindestens eng 10 Volontären.

D'Gestapo mecht eng Auswiel ennert dëne Verhafteten. En Deel kuckt erem frei. Aner kommen am Dezember 1940 an de Prisong op Trier. De Joachim Henri bleiwt bei 6 Méint. Den Toschi sëtzt 5 Méint. 1942 reclaméieren d'Italiener hien an spären hien während 5 Méint an de Prisong zu Cremona an schécken en duerno bei ~~d'~~ d'Armee. De Farenzena gëtt och un d'Italiener ausgeliwwert, obschon hien jo wéi mer scho gesot haten naturaliséierte Lëtzebuerger war. D'Nazien hun dës Naturalisatioun net unerkannt. Den Cesarini huet méi Chance. Hien gëtt als Lëtzebuerger unerkannt, land awer zu Dachau a ~~[illegible]~~ gëtt zu Auschwitz ëmbruecht. Ufangs Februar 1941 kënnt de Feltes Jean Pierre mat sengem Frënd Pütz an d'KZ Dachau; iwwerlieft KZ an stierft mat 51 Joer. Ze ënnerstreichen, dass am KZ Dachau el "Rotspanierblock" gouf. Hei hu sech munnech Frënn aus dem Spuenieschen Krich erëmgesinn.

De Bilan mecht den Henri Wehenkel wéi follegt:

. . Sur les 63 volontaires qui ont quitté l'Espagne, 30 ont été emprisonnés en Allemagne, 12 en Italie, 3 ont combattu dans les armées alliées resp. le maquis, 2 ont été expulsés en tant que Juifs, 4 (ou 2 ?) ont été collaborateurs. Restent 7 volontaires qui n'ont pas été inquiétés et 5 qui ont disparu de notre champ de vision. Parmi ceux qui ont disparu de notre statistique il y a p. ex. l'alcoolique anonyme que nous retrouvons seulement lors de sa mort en 1948. Pour ceux qui n'ont pas été inquiétés la question se pose de savoir s'ils ont fait des concessions à l'occupant. Deux volontaires ont travaillé pour l'organisation Todd qui a construit les fortifications sur la côte de l'Atlantique. "

— dat ass bal d'Halschent déi d'Prisen verlaff an ugespaart hun

Also 30 an d'Hänn vun de Preisen an 12 an Italien ausgeliwwert, waren zesummen 42 op 63 Fräiwëlleger déi direkt erem nom Iwwerfall vu Lëtzebuerg durch Deitsch ennert hirem Ofsaz géint Diktaturen ze leiden haten.

Ennert desen 12 déi an Italien ausgeliwwert gouwen fanne mer och de Cao an de Baglioni. Sie gouwen no dem Prisong op d'Insel Tremiti am Adriateschen Mier verbannt. Déi meescht awer op d'Insel Ventotene am Golf vun Neapel. An den Henri Wehenkel schreiwt heiriwwer:

. . . On a parlé du gouvernement de Ventotene, parce que tous les dirigeants antifascistes se retrouvaient sur cette île de réclusion. Libertario Tassi y a été l'ami de Sandro Pertini, futur président de la République italienne.

A schreiwt du weider:

Après la chute du régime fasciste en 1943 les prisonniers de Tremiti et de Ventotene sont libérés. Tassi n'en profite pas. Après la découverte sur lui de textes politiques il a été transféré de Ventotene dans une prison du continent. Lors de la retraite allemande le directeur de la prison s'enfuit en laissant les prisonniers enfermés dans leur cellule sans ravitaillement. Cao participe à la libération du Nord de l'Italie au sein de la formation de partisans Garibaldi-Tagliamento, dont il est le commissaire politique. Après 3 semaines dans l'armée fasciste, Bruno Toschi rejoint en septembre 1944 la Division de Partisans Val Nure et participe au sein de la brigade du capitaine Mak à la libération de Piacenza. Baciotti se bat dans la Brigade San Faustino qui opère près de Gubbio. Baglioni et Nubola mènent la guérilla dans les montagnes d'Ombrie et des Marches. Baglioni est responsable du poste de radio clandestin de Fabriano. Après la libération de Sassoferato Nubola et Tassi se retrouvent dans leur ville natale. Ils y exercent le métier de cordonnier qu'ils ont appris à Ventotene.

Vun deenen 30 déi d'Preisen verhafft haten waren der 10 an de Prisongen an 20 an de KZter. Vun desen 20 sin der 5 net méi erem kom.

Den Cesarini Marcel gouw hallef dout vun Dachau op Auschwitz geschleef wo se en dann ëmbruecht ~~gouw~~ hun.

Déi meescht vun de Spueniekämpfer wure schon ~~zu~~ am KZ Dachau wéi déi éischt Lëtzebuerger, loost mer ~~dat~~ déi emol eso nennen, aus dem Widderstand do ageliewert gouwen. Des Lärcht kounten also ~~vun~~ schon gleich no hirer Aliewerung vun dese fréiere Volontären empfangen a berode gin. Vir dest ze ennermaueren en Zitat vum Dokter ~~Euge~~ Ugène Ost deen och am KZ Dachau souz:

*«Ech hun et schon oft gesot a geschriwen, an ech widerhuelen et nach dausendmol, wann et muss sin : Wa mir Letzeburger zu Dachau am Vergleich mat deenen aneren net zevill schlecht ewech kom sin, da verdanke mir dat virun allem de Spueniekämpfer, de' ons e gudde Numm gezillt haten an ons mat hire Verbindungen iwerall gehollef hun, an der Disziplin an dem komerodschaftlechem Geescht, deen de' meescht bewisen hun.»*

Ouni bei nach wellen op d'Episod anzegoen wéi a wéini d'Lëtzebuerger aus dem KZ Dachau heem koumen, eng Conclusioun vum Henri Wehenkel:

Triste Libération. Pour les volontaires de la guerre d'Espagne neuf ans se terminent, neuf années de combats et de souffrances. Ils se sont engagés à contre-courant de l'opinion publique, ils ont été arrêtés trop tôt, ils avaient compris avant les autres et constatent maintenant qu'ils sont restés une minorité. Le pays majoritaire a d'autres héros à fêter. Les anciens d'Espagne dérangent et troublent l'unanimité nationale.
Les difficultés reprennent avec le retour à la vie normale et beaucoup de choses n'ont pas changé.

No der Liberatioun vu Lëtzebuerg an nom Enn vum Krich ~~waren~~ sinn d'Spueniekämpfer net ëmmer als Idealisten an Helden duergestallt an empfaange gin. Hir Problemer waren net, gouwen net gelëscht, jo et koumen der nach derbäi. Sozialer, wirtschaftlecher, familiärer a gesondheetlecher.

Et war an ass net den ~~Zweck~~ objektiv vun dese 4 Erënnerungen, Beurteelungen, a Conclusiounen iwwert d'Bedeelegungen un Spuenesche Biergerkrich ze gin an ze zéien. Wir wollte just am Kader vun "Doddeleng a schwieren Zäiten" ~~och~~ hauptsächlech un déi Doddelenger erënneren ~~d~~ fir déi dese Krich ~~kéng~~ net ouni persenlech Folgen eriwwergaangen ass, gudden a manner gudden. Kommend Generatiounen sollen sech och un eso geschichtlech Gronden

erënneren an informéieren. Sou ass et och gutt dass den 8ten November 1997 e Monument zu Dëddeleng, Gare-Usine inauguréiert ginn, wat un dës Zäit an dës Zeien erënnert. Speziell awer och déi verschiddenen Manifestatiounen déi op deenen verschiddenen Plazen zu ganz verschiddenen Theemen des Inaugurationen encadréiert haten. Esou Film a Video-Projectiounen, Concert'en, Conferenzen an Ausstellungen.

Opstellungsgrund

Ech hätt eng kleng perséinlech Remark zum Ofschloss vun dëse Sendungen. Mat allem Respekt an Unerkennung vum Artist Sculpteur Lucien Wercollier an der wertvoller Plastik déi elo den historeschen Complex vun der Gare-Usine verschéinert, muss ech mech awer froen ob eng figurativ Plastik de Passant net méi direkt un fréier wisse zu Spuenien an de Joeren 36 bis 38 erënnert an un d'Nodenken bruecht hätt. Dat wat jo eigentlech de Sënn ~~vun dëser~~ ~~vum Opstellen~~ vun dësen Erënnerungsdeeg war.